



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 22/04/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Finanzen
weiderzeleeden.**

Engem Artikel vu paperjam.lu no vum 10te Mäerz 2022 zirkuléieren zu Lëtzebuerg
tëschent 80000 an 100000 Tankkarten. Dës Plastikkärtecher kréie Firmen vun de
verschiddenen Energiekonzerner, fir op ausgewielten Tankstelle méi bëlleg tanken ze
kënnen. Net ganz kloer ass de Gebrauch vun dëse Kaart, wéi Paperjam schreift:

*Le flou est total entre les professionnels de la route (logistique et bus) qui
équipent leurs chauffeurs et les sociétés qui ajoutent la carte essence aux
avantages en nature de leurs employés.*

Während also den normale Consommateur de Gesamtpräis op der Pompel bezilt, tanke
verschidde Firmen an hier Employéeën de Sprit fir manner Geld. Doriwwer eraus hunn
d'Firmen och nach de Virdeel, dass si d'TVA vun hiren Tankrechnungen erëmfroe kënnen.
rtl.lu schreift an engem Artikel vum 22te Mäerz 2022:

*De Staat huet am Mäerz 5,62€ méi op der TVA vun engem 60-Liter-Tank
verdängt wéi am Februar. Independanten a Firmen, déi eng TVA-Nummer hunn,
kënnen dës Zomm allerdéngs rembourséiert kréien.*

Wien méi bëlleg oder als Employé fir näischt tanke kann, dee geet natierlech nach vill
léiwer tanken a fiert léiwer mam Verbrenner, wéi op méi ressourcëschonend Alternativen
ëmzeklappen. D'Plattform *quarks.de* erklärt an engem Artikel vum 3ten Dezemeber
2021 d'Funktionsweis vun den Tankkaarten an Däitschland

*Das bedeutet, dass sie [d'Employéeën] für den Treibstoff nichts bezahlen
müssen - auch nicht für private Fahrten und beispielsweise Fahrten in den
Urlaub. Je nach Firmen-Regelung kann eine solche Tankkarte die Funktion einer
Flatrate haben. Man kann fahren, so weit man will - kostet ja nicht mehr. So gibt
es keinen Anreiz, das Auto stehen zu lassen, Alternativen wie die Bahn oder das
Fahrrad zu nutzen oder zu Fuß zu gehen.*



www.piraten.lu

Op der anerer Säit verléiert de Staat bei dësem Geschäft Recetten aus der TVA, well d'TVA op de Präis vum Liter Dreifstoff berechent gëtt.

Am Kader vum Klimawandel, deen Ustrengunge vun eis all erfuerdert fir esou wéineg fossil Ressourcen ze verbrauchen ewéi méiglech, stellt sech d'Fro, ob dëse Mechanismus net zum Géigendeel féiert an ee Verhale fërdert, fir méi op fossil Energien ze setzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vum Gesamtvolummen Diesel a Bensinn ginn zu Lëtzebuerg iwwert Tankkaarten bezuelt?
2. Vu wat fir enge Steiervirdeeler kann eng Firma profitéieren, déi op Tankkaarten zeréckgräift?
3. Wéi vill TVA gouf an de leschte Joren un d'Firmen am Zesummenhang mat fossillen Dreifstoff bezuelt?
4. Wéi iwwerpréift d'Steierverwaltung, ob d'Rechnungen un der Pompel mat Firmekaarten och nëmmen Autoen betreffen, déi der Firma gehéieren? Wéi gëtt also verhënnert, dass Leit hier Privatgefierer zum reduzéierten Tarif volltanken, d'Firma dofir bezuele loossen, d'Firma och nach d'TVA rembourséiert kritt an kee bei der Steierverwaltung matkritt, ob de Sprit als Avantage en nature verrechent gouf?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

